



Den Tennissport am neie COVID Gesetz (vum 11.Januar 2021 bis zum 31.Januar 2021)

- D'FLT Elittesportler, d'FLT Kaderspiller aus allen Alterskategorien, d'Sportlycée Schüler, d'Tennisspiller aus dem federale Centre de formation an d'Ekippen aus der SEAT League (all Ekippen aus den héchsten Divisiounen am Seniore Beräich am Lëtzebuerg Sport) dierfen nees onageschränkt an ouni Restriktiounen mat hiren Trainer Tennis spillen.

- Fir all di aner Spiller a Spillerinnen zielt, op Indoor oder Outdoor:

- **Tennis zu 2 pro Terrain ass ëmmer erlaabt, ouni Restriktioun.**

- Wann een zu méi wéi 2 Spiller ass muss een assuréieren, dass zu all Moment (!) en Ofstand vun 2 Meter tëscht de Spiller agehale gëtt an et muss een 30m² pro Persoun zur Verfügung hunn (1 Tennisterrain huet 600m²).

- Wa Gruppen aus engem selwechte Menage (oder Leit di zesumme wunnen) zesummen Tennis spillen zielen d'Ofstandsreegelen net.

- Trainer oder anere Staff zielen zu de Persounen um Terrain derbäi, müssen also an d'Rechnung vun der Maximalunzuel vu Persounen um Tennissite derbäi gerechent ginn.

- Trainer an anere Staff mussen Masken andoen.

- d'Recommandatioun vum Ministère seet, dass bei Anhale vun den Ofstandsreegele an den 30 m² pro Sportler op grouse Sportsitte, wéi Foussballterrainen oder Tennishalen, maximal 2x10 Sportler, also 20 Athleten dierfen zesumme kommen fir Sport ze maachen.

- Falls d'Hal bannen awer duerch mindestens 2 Meter héich loftonduerchlässeg Trennwänn ofgetrennt ka ginn dierfen op all (!) Ennerdeelung tëscht 1 a maximal 10 Persoune pro Ennerdeelung Sport maachen, natierlech ënnert Berécksiichtegung vun der 2 Meter Ofstandsregel an den 30m² pro Persoun.

- Vestiairen an Dusche sinn op, et muss een allerdéngs eng Mask am Vestiaire droen a Mindestofstänn vun 2 Meter anhalen

- Zuschauer sinn net zougelooss. Weder beim Training, nach bei Kompetitiounen.

- Buvette müssen zoupleiwen.





- Kompetitiounen am Simpel: si prinzipiell nees erlaabt mee mat den Aschränkungen aus dem Gesetz:

- d'Ofstandsreegele mussen agehale ginn an d'Maximalzuel vu Spiller an der Hal dierf net iwwerschritt ginn.
- Dubbele sinn als Kompetitiounen net erlaabt.
- keen FLT Cup virum 31. Januar méiglech.



BGL-BNP Paribas IBAN LU41 0030 7000 0183 0000